# NEWSLETTER ZfL Zesumme fir Leideleng

**SUMMER / ÉTÉ 2022**



## No laanger Viraarbecht: De Parking résidentiel kënnt

No ganzer véier Joer Viraarbecht gouf dat neit Leidelenger Verkéiersreglement am Mee endlech am Gemengerot gestëmmt. D'Haaptzil vum Reglement ass, datt déi Leit, déi an den Aktivitéitszone schaffen, d'Quartieren am Duerf an och d'Feldweeër net méi als Park & Ride benotzen, wéi dat z. B. beim Kierfecht de Fall ass. Och soll verhënnert ginn, datt Leit, déi net hei wunnen, sech moies zu Leideleng parken, fir de Bus an d'Stad ze huelen an eréischt owes nom Feierowend mam Auto erëm vun hei fortfueren. De Schäfferot huet kritiséiert, datt et ee Joer gedauert huet, fir eng Äntwert vun der staatlecher Verkéierskommissioun ze kréien. Dat ass eng berechtegt Kritik, allerdéngs huet et dovirdrun och dräi Joer gedauert, fir der Kommissioun d'Reglement pour avis ze schécken.

De Parking résidentiel wäert a sämtleche Stroossen an der Gemeng agefouert ginn. Leit, déi net hei wunnen, mussen iwwerall en Disk stellen. Bis op e puer Ausnamen dierf ee maximal zwou Stonnen an de Wunnstroossen, fënnef Stonnen op de Parkingen a véier Stonnen an den Aktivitéitszone parken. E Parking payant ass fir de Moment nach net virgesinn. Dat soll awer an enger zweeter Phas an den Aktivitéitszone gemaach ginn.

Mir hu wärend den Diskussiounen am Gemengerot ënnerstrach, datt de Fokus bei der Duerchsetzung vum Reglement dorop leie soll, d'Parkproblemer an der Gemeng ze léisen an net d'Leidelenger Bierger*Biergerinnen ze harceléieren. Et däerf net d'Zil sinn, datt Awunner*Awunnerinnen, déi méi ewéi 48 Stonnen op der selwechter Plaz stinn – well se z. B. e puer Deeg an der Vakanz sinn – a keen hënneren, trotz Vignette e Protokoll kréien. Doriwwer eraus hu mer dropgehalen, datt et méiglechst einfach fir d'Bierger*Biergerinne muss sinn, eng Vignette unzefroen. Dat gëllt net nëmme fir déi definitiv, ma och fir déi provisoresch souwéi d'Visiteurs-Vignetten.

Och wa mir de Parking résidentiel begréissen, weist d'Reglement eng Rei Schwächten op. Esou ass z.B. net definéiert, wéi en Handwierksbetrib, dee bei engem doheem schafft, eng provisoresch Vignette ka kréien. Ausserdeem ass d'Parkdauer vu maximal zwou Stonnen och an deene Wunnstroossen, wou nach ni e Parkproblem war, an eisen Aen ze restriktiv. De Buergermeeschter- a Schäfferot huet eis verséchert, datt d'Reglement op Basis vun den Erfarungen, déi gemaach ginn, an noer Zukunft nach eng Kéier soll op de Leescht geholl ginn. Doropshin hu mir d'Verkéiersreglement matgedroen. Am Oktober soll et a Kraaft trieden. Wann Iech am Alldag Problemer opfalen, dann zéckt net, déi un eis weiderzeleeden.

Marcel Jakobs

## Après de longs travaux préparatoires : Le parking résidentiel sera finalement introduit

Après des travaux préparatoires ayant duré plus de quatre ans, le Conseil communal a finalement voté le nouveau règlement de circulation de Leudelange. Le but principal est que les personnes travaillant dans les zones d'activités n'utilisent plus les quartiers du village ou les chemins ruraux comme park & ride, comme cela est le cas p. ex. pour le parking du cimetière. Le règlement vise à empêcher les personnes qui n'habitent pas ici à se garer le matin à Leudelange afin d'y prendre le bus pour aller en ville et de ne revenir que le soir. Le Collège échevinal a critiqué le fait que la Commission de circulation de l'État a pris un an pour formuler son avis pour le présent règlement. Nous déplorons d'ailleurs à ce propos le délai de trois ans pris par le Collège, qui n'en fait pas état, avant d'envoyer le règlement à la Commission pour avis.

Désormais dans toutes les rues de la Commune le parking résidentiel sera introduit. Les personnes n'habitant pas Leudelange seront obligées d'utiliser un disque de stationnement. Sauf exception, il sera possible de se garer au maximum deux heures dans les rues résidentielles, cinq heures sur les parkings et quatre heures dans les zones d'activités. Le parking payant ne sera pas introduit à l'heure actuelle, mais dans une deuxième phase il le sera dans les zones d'activités.

Lors des discussions au sein du Conseil communal, nous avons souligné que l'esprit de ce règlement doit être de résoudre les problèmes de stationnement et non pas de harceler les citoyen·ne·s de Leudelange. L'objectif ne doit pas être de dresser un avertissement taxé aux personnes ayant garé leur voiture au même endroit pendant plus de 48 heures, parce qu'elles sont en vacances. Nous avons insisté sur le fait que la procédure pour l'obtention d'une vignette doit être simple, non seulement pour les vignettes définitives, mais aussi pour les vignettes provisoires et les vignettes visiteur.

Le règlement est loin d'être parfait. Il n'est pas réglé la manière dont un artisan, qui effectue des travaux au sein du domicile d'un résident, peut obtenir une vignette provisoire. Nous estimons trop restrictive la durée de stationnement maximale de deux heures dans les rues résidentielles où il n'y a encore jamais eu des problèmes de stationnement. Le Collège des bourgmestres et échevins nous a assuré que le règlement sera révisé dans un futur proche sur base des expériences faites. Par conséquent, nous avons voté en faveur du règlement de circulation qui entrera ainsi en vigueur en octobre. Si au quotidien vous remarquez d'éventuels problèmes, n'hésitez pas à nous communiquer des propositions d'améliorations.

Marcel Jakobs

## Une étrange perception de la Démocratie

Chers concitoyennes et concitoyens de Leudelange,

Lors de la discussion budgétaire, l'échevin Raphael Gindt nous a demandé d'arrêter nos motions, questions et amendements qui selon lui sont complètement inutiles. Il nous a reproché de ne pas travailler ensemble de manière constructive avec la majorité. Si un conseil communal sert uniquement à cautionner sans mot dire les décisions du Collège des bourgmestre et échevins, alors le Conseil communal n'a plus de raison d'être. Il est inquiétant de voir quelle est la perception du terme démocratie par certains membres du Collège échevinal. Nous ne nous laisserons pas influencer par ces discours et nous continuerons de poser des questions critiques et de faire nos propres propositions. Nous ne votons pas non plus systématiquement contre tout ce que le Collège échevinal propose, mais nous essayons d'améliorer ses propositions en formulant des critiques constructives.

La guerre en Ukraine force beaucoup de personnes à quitter leur patrie. Nous remercions sincèrement tous les citoyen·ne·s de Leudelange qui ont permis d'accueillir désormais plus de 50 réfugié·e·s au sein de notre Commune. Nous souhaitons la bienvenue à tou·te·s les ukraïnien·ne·s ici à Leudelange.

Après une longue pause due au Covid, nous sommes heureux de voir beaucoup de manifestations organisées au sein du village qui nous permettent de rester en contact avec vous. N'hésitez pas à venir à notre rencontre si vous avez des doléances. Au nom de toute l'équipe de Zesumme fir Leideleng (ZfL, Ensemble pour Leudelange), je vous souhaite, à vous et à votre famille, de bonnes vacances.

Lou Linster, Conseiller communal




## E gelungent Demokratieverständnis



Léif Leidelenger Biergerinnen a Bierger,

a senger Budgetsried huet de Schäffe Raphael Gindt eis dozou opgeruff, mat deenen a sengen Ae sënnlose Motiounen, Froen an Amendementer opzehalen a konstruktiv mat der Majoritéit zesummenzeschaffen. Wann e Gemengerot allerdéngs just nach dofir do ass, fir dem Buergermeeschter- a Schäfferot seng Aktiounen ouni Kommentar duerchzewénken, da brauche mer kee Gemengerot méi. Et ass schonn e wéineg erschreckend, wat fir en Demokratieverständnes verschidde Membere vum Schäfferot hunn. Mir loossen eis dovunner awer net beandrocken a wäerten och an Zukunft kritesch Froe stellen an eege Propositioune maachen. Mir stëmmen och net géint alles, wat de Schäfferot proposéiert, mee probéiere mat konstruktiver Kritik hir Virschléi ze verbesseren.

De Krich an der Ukrain zwéngt vill Mënschen dozou, hir Heemecht ze verloossen. Mir wëllen all deene Bierger*Biergerinne Merci soen, déi et méiglech gemaach hunn, datt mëttlerweil iwwer 50 Refugiéen*Refugiéeën en Ënnerdaach an eiser Gemeng fonnt hunn. Mir heeschen alleguerten d'Leit aus der Ukrain häerzlech wëllkomm hei zu Leideleng!

No enger laanger Covid-Paus si mer frou, datt nees vill Manifestatiounen am Duerf organiséiert ginn a mer nees onmëttelbar mat Iech a Kontakt komme kënnen. Zéckt net, un eis erunzetrieden, wann Dir Doleancen hutt. Am Numm vun der ganzer Ekipp vun Zesumme fir Leideleng wënschen ech Iech an Ärer Famill eng schéin an erhuelsam Summervakanz.

Lou Linster
Gemengeconseiller




# De Frae méi Visibilitéit am ëffentleche Raum verschafen

## Nathalie Entringer

Zu Lëtzebuerg sinn nëmmen 2 % vun de Stroossen no Frae benannt, wougéint sech den Taux bei de Männer op ganzer 17 % beleeft. Dës Diskrepanz ass am ländleche Raum nach méi grouss. Genau dat gëllt och fir Leideleng. An eiser Gemeng gëtt et keng eenzeg Strooss, déi den Numm vun enger Fra dréit.

Dat schéngt op den éischte Bléck net dramatesch. Wann een awer bedenkt, datt Stroosseschëlder net nëmmen eng Orientéierungs-, ma och eng Erënnerungsfunktioun hunn, d. h. sougenannte Conservateur-de-mémoirë sinn, wierkt dës Ongläichheet dann awer immens schwéier. Et ass wichteg déi Gesellschaftsgruppen, déi am ëffentleche Raum wéineg bis guer net siichtbar sinn – an dozou gehéieren net just Fraen – visibel ze maachen an esou fir d'Nowelt ze conservéieren. Aus dësem Grond begréisse mir, datt no eiser entspriechender Motioun am Gemengerot, d'Gemeng Leideleng eng éischte Kéier beim Projet *Les rues au féminin* matgemaach huet an d'Chancëgläichheetskommissioun dëse wichtege Projet an d'Realitéit ëmsetze konnt: Wärend dräi Wochen am Mäerz hu fënnef Leidelenger Stroossen och den Numm vun enger Fra gedroen. Ausserdeem, an dat freet eis ganz besonnesch, ass de Gemengerot och eiser Fuerderung nokomm, déi nächst nei Strooss zu Leideleng no enger Fra ze benennen.

Mir wäerten dës Thematik natierlech weider verfollegen an hoffen, datt de Projet an deenen nächste Joren nach weider ausgebaut gëtt. Sou wier et beispillsweis wënschenswäert Initiativen an d'Liewen ze ruffen, déi de Leidelenger Bierger*Biergerinnen déi besonnesch Fraen, déi en évidence gesat ginn, op eng convivial Aart a Weis nach méi no bréngen.

## Donner plus de visibilité aux femmes dans l'espace public

Au Luxembourg seulement 2 % des rues portent le nom d'une femme, tandis que ce taux équivaut à 17 % pour les hommes. Cet écart est encore plus grand dans les communes rurales. Ceci vaut également pour Leudelange où pas une seule rue n'est dédiée à une femme.

À première vue, cela ne semble pas être très grave. Si l'on considère par contre que les panneaux routiers constituent non seulement une aide d'orientation, mais sont également d'importants conservateurs de la mémoire, cette inégalité est plus difficile à justifier. Il est important que les groupes sociaux qui ne sont que peu ou pas du tout visible dans l'espace public – et cela ne vaut pas uniquement pour les femmes – reçoivent plus de visibilité et soient ainsi conservés pour les générations futures. Pour cette raison, nous saluons que, suite au vote de notre motion correspondante, la Commune de Leudelange ait participé pour la première fois au projet *Les rues au féminin*. La Commission de l'égalité des chances fut chargée de l'exécution de ce projet. Pendant trois semaines au mois de mars, cinq rues à Leudelange ont porté le nom d'une femme. En outre, nous saluons que le Conseil communal ait décidé de nommer la prochaine rue à Leudelange d'après une femme, comme nous l'avions demandé dans notre motion.

Nous allons continuer à suivre ce sujet, nous espérons que ce projet sera élargi au cours des prochaines années et que d'autres initiatives, dont le but est de rapprocher les citoyen·ne·s des femmes méritantes, seront mises en œuvre.

Nathalie Entringer



## Lou Linster

# De Leidelenger Zentrum brauch en Energiekonzept

Elo, wou den neie PAG (Bebauungsplang) endlech a Kraaft ass, wäerte sech an noer Zukunft eng Rëtsch nei Quartieren am Zentrum vu Leideleng entwéckelen. Dës ginn och dréngend gebraucht, fir engersäits den Duerfkär ze beliewen an anerersäits dréngend néidege Wunnraum ze schafen. Well Leideleng an den nächste Jore klimaneutral muss ginn an d'Gemeng vill Gebaier am Zentrum huet (Schoulen, Centre Culturel, Gemengenhaus etc.), hu mir d'Iddi lancéiert, fir en Energiekonzept fir de Leidelenger Zentrum auszeschaffen, dëst op Käschte vun der Gemeng. Doranner sollen och déi nei Gebaier ronderëm d'Place du Lavoir integréiert ginn.

D'Grondiddi ass déi, datt dank de Synergien tëscht deenen eenzele Gebaier déi erneierbar Energië besser kënne genotzt ginn. Esou brauche beispillsweis d'Schoulgebaier och an der Mëttesstonn Stroum a kéinten de Fotovoltaiksstroum notzen, deen op den Diecher vu Wunngebaier an der Noperschaft produzéiert gëtt, bei deenen am Dag keen doheem ass. Eng aner Iddi wier, fir en Niddregtemperatur-Fernwärmenetz, dat vu Geothermiebuerungen oder vu grousse Wärmepompele gespeist gëtt, am Zentrum vu Leideleng ze verleeën.

De Schäfferot ass der Iddi net ofgeneigt an huet sech bereet erkläert, an enger éischter Phas un de Promoteur vum PAP "Bommert" (hannert der Place du Lavoir) erunzetrieden, fir e vun engem gemeinsamen Energiekonzept ze iwwerzeegen. De PAP "A Stempels" ass an den Ae vum Schäfferot nach net wäit genuch, fir bei esou engem Projet mat agebonnen ze ginn.

## Le centre de Leudelange nécessite un concept énergétique

Suite à l'entrée en vigueur du nouveau PAG (plan d'aménagement général), de nouveaux quartiers se développeront dans le centre de Leudelange dans un futur proche. D'un côté, ces quartiers permettront d'animer le centre du village et d'un autre côté permettront de créer des logements pour lutter contre la pénurie de logements à Leudelange. La Commune doit devenir climatiquement exemplaire dans les années à venir et vu le nombre de bâtiments possédés au centre (écoles, centre culturel, mairie etc.) nous avons lancé l'idée d'établir un concept énergétique pour le centre de Leudelange. Les nouveaux bâtiments autour de la Place du Lavoir doivent également être intégrés dans ce concept énergétique.

L'idée de base est que les énergies renouvelables peuvent être mieux utilisées grâce aux synergies entre les différents bâtiments.

Ainsi, les bâtiments scolaires qui ont besoin d'électricité à l'heure de midi pourraient utiliser l'électricité photovoltaïque produite sur les toitures de bâtiments d'habitation vides en journée. Une autre idée serait la création d'un réseau de chauffage urbain à basse température au centre de Leudelange, réseau alimenté par des forages géothermiques ou de grandes pompes à chaleur.

Le Collège échevinal a approuvé l'idée et serait d'accord de se rapprocher du promoteur du PAP « Bommert » (qui se trouve derrière la Place du Lavoir), afin de le convaincre de participer à un concept énergétique commun. Le projet du PAP « A Stempels » n'est aux yeux du Collège échevinal pas encore assez avancé pour l'intégrer dans un tel projet.

Lou Linster


Foto: Shutterstock.com



Jean-Pierre Roemen

## Kreatioun vun engem Service de médiation de voisinage

Unanime huet de Gemengerot eis Motioun fir d'Kreatioun vun engem Service de médiation de voisinage gestëmmt. Dëse Service soll bei Streidereien tëscht Noperen (z. B. Hecken, Kaméidi, Hygiène, Proprietéitsrechter etc.) am Austausch mat de Parteien dobäi hëllefen, eng fir béid Säiten zefriddestellend Léisung ze fannen. De Service gëtt vun enger Persoun geleet, déi als Mediateur*Mediatrice optrëtt an dobäi onofhängeg, onparteiesch an neutral ass.

Wa béid Parteien d'accord sinn, dëse Service an Usproch ze huelen, gëtt fir d'éischt fir all Partei eenzel e Rendez-vous ausgemaach. Duerno soll dann zesummen an der Mediatioun eng Léisung fonnt ginn. Dëse Service huet de grousse Virdeel, datt op dës Manéier den Dialog tëscht den Nopere vereinfacht a verbessert gëtt an och Plaintë viru Geriicht kënnen evitéiert ginn. Esou ee Service gëtt et bis ewell a ronn 40 Gemengen – wéi z. B. zu Esch, wou rezent esou ee Service agefouert gouf – a kennt do e grousse Succès bei de Bierger*Biergerinnen. D'Gemeng ass a Kontakt mat der Gemeng Reckeng fir e gemeinsame Service de médiation de voisinage ze schafen.

## Création d'un service de médiation de voisinage

À l'unanimité, le Conseil communal a voté en faveur de notre motion pour la création d'un service de médiation de voisinage. Le but de ce service est de résoudre tout type de conflits entre voisins (p. ex. plantations, bruit, hygiène, droit de propriété etc.) et de trouver une solution acceptable pour les deux parties. Un médiateur neutre, indépendant et impartial sera en charge d'un tel service.

Si les deux parties sont d'accord, un rendez-vous est d'abord fixé individuellement pour chaque partie. Ensuite, le médiateur essaiera de trouver une solution commune avec les deux parties. L'autre avantage d'un tel service est qu'il permet d'éviter le recours aux tribunaux, il facilite et améliore le dialogue entre voisins. Un tel service est actuellement proposé dans une quarantaine de communes. La Commune est actuellement en contact avec la Commune de Reckange-sur-Mess afin de créer un service de médiation de voisinage commun.

Jean-Pierre Roemen

## Eng administrativ Schreifassistenz fir d'Bierger*Biergerinnen

Et ass net ëmmer evident, Bréiwer vun Administratiounen ze verstoen, respektiv ze beäntweren, an och deen een oder aneren administrative Formulaire bereet sou muncher engem Kappzerbrieches. Vill Gemenge sinn op de Wee gaangen, fir hire Bierger*Biergerinnen eng Persoun zur Verfügung ze stellen, déi hinnen déi néideg Assistenz beim Interpretéieren a Schreiwe vun administrative Schreiwesse gëtt („Écrivain public"). Dës kann engem och bei administrativen Online-Demarchen, z. B. op guichet.lu, hëllefen. Doriwwer eraus ka si esou d'Leit och beim Schreiwe vun engem CV oder enger Lettre de motivation ënnerstëtzen.

Wéi mir dat am Gemengerot virgeschloen hunn, konnt een sech d'Reaktioun vum Schäfferot schonns denken: Et wier een net géint esou ee Service, mee et wéilt een d'Administratioun net mat weideren Tâchen iwwerlaaschten an et wier een och net gewollt méi Personal ze engagéieren. Mir sinn der Meenung, datt et net néideg wier eng weider Persoun anzestellen, fir dës Tâche ze iwwerhuelen. Och huet de Schäfferot a Fro gestallt, ob et dann ëmmer d'Gemeng muss sinn, déi esou Déngschter zur Verfügung stellt. Ma wien, wann net d'Gemeng, déi no bei hire Bierger*Biergerinnen wëll sinn? Am Gemengerot hu mer eis drop gëeenegt, datt en Opruff am Gemengebuet gemaach gëtt, fir eng Persoun ze sichen, déi dës Aufgab op benevoller Basis iwwerhëlt.

Jean-Pierre Roemen

## Une assistance à l'écriture pour les citoyen·ne·s

Il n'est pas toujours évident de comprendre respectivement de répondre à une lettre parvenant d'une administration. Il n'est pas rare que des formulaires administratifs constituent des casse-têtes pour l'un ou l'autre. Plusieurs communes mettent un écrivain public à disposition de leurs citoyen·ne·s. Celui-ci peut également les aider auprès de démarches administratives en ligne, p.ex. sur guichet.lu ou lors de la rédaction d'un CV et d'une lettre de motivation.

Lorsque nous avons proposé cette idée lors du Conseil communal, on pouvait imaginer la réaction du Collège échevinal : Il n'est pas contre le concept de l'écrivain public, mais il veut éviter de surcharger l'administration avec des tâches supplémentaires. Il ne veut pas non plus engager une personne supplémentaire. Nous sommes d'avis qu'il n'est pas nécessaire d'engager du personnel supplémentaire pour exécuter cette tâche. Le Collège échevinal a également soulevé la question de savoir s'il incombe toujours à la Commune d'offrir de tels services. Mais qui, sinon la Commune, qui se veut proche des citoyen·ne·s? Nous nous sommes finalement mis d'accord lors du Conseil communal qu'un appel sera lancé au bulletin communal pour trouver un volontaire qui exécutera la tâche d'écrivain public.

Jean-Pierre Roemen



Patrick Calmus

## Waasserspender am ëffentleche Raum

Op der enger Säit huet Waasser aus der Fläsch laut der däitscher Verbraucherzentral am Duerchschnëtt eng Klimabelaaschtung, déi 600 Mol méi héich ass ewéi Leitungswaasser. Dobäi kënnt bei de Fläsche a ville Fäll och nach deen héije Montant u Plastiksofall. Op der anerer Säit ass et besonnesch an deenen ëmmer méi waarme Summerméint wichteg, datt ee genuch Flëssegkeet zou sech hëlt.

An enger Motioun hu mir dofir virgeschloen, datt d'Gemeng Waasserspender op ëffentleche Plazen opstellt, méi konkreet op der Schwéngsweed a virun der Gemeng. De Schäfferot soll och analyséieren, ob et nach aner Plaze gëtt, wou d'Opstelle vun Drénkwaasserspender Sënn mécht. De Buergermeeschter- a Schäfferot war der Iddi net ofgeneigt, huet awer ze bedenke ginn, datt da misst eng Waasserleitung op deene Plaze verluecht ginn. E wäert sech awer beméien op d'mannst op der Schwéngsweed kuerzfristeg e Waasserspender ze installéieren an huet déi adaptéiert Motioun och matgedroen.

## Des fontaines d'eau dans l'espace public

D'après la centrale des consommateurs allemande, l'eau en bouteille a une empreinte carbone qui est 600 fois plus élevée que l'eau du robinet. À cela s'ajoute des quantités abondantes de déchets plastiques. De plus, il est, surtout en été, important de boire beaucoup d'eau.

Pour cela nous avons proposé que la Commune mette en place des fontaines à eau dans l'espace public, plus précisément sur l'aire de jeu Schwéngsweed et devant la maison communale. Nous avons également demandé au Collège échevinal d'analyser s'il y a d'autres endroits adaptés pour la mise en place d'une fontaine à eau. Le Collège des bourgmestre et échevins n'était pas opposé à notre idée, mais a précisé que pour cela une conduite d'eau devrait être posée à chaque fois qu'une fontaine à eau est mise en place. Il s'est engagé à mettre en place à court terme une fontaine à eau sur l'aire de jeu Schwéngsweed et le Conseil communal a donc approuvé notre motion adaptée.

Patrick Calmus

# Tribune libre

## Eis Kanner an d'Defie vun der energeetescher Transitioun abannen

### vun der Sandrine Pompidou*



Als Biergerin awer och als Mamm gi mir d'Defie vun der energeetescher Transitioun Dag fir Dag méi bewosst. Et muss ee feststellen, datt d'Auswierkunge vum Klimawandel och an eiser Gemeng méi a méi siichtbar ginn: reegelméisseg Iwwerschwemmungen, den Eichenprozessionsspinner, dee wéinst den héijen Temperaturen ëmmer méi dacks virkënnt, laang Drécheperioden etc.

Meng Kanner fir den Ëmweltschutz an hiren eegenen ekologeschen Impakt ze sensibiliséieren, ouni awer an de Fatalismus an den Alarmissmus ze verfalen, ass ee vu mengen Haaptuleiessen. Vill Sensibiliséierungscampagnë goufe schonns op europäeschem, nationalem a lokalem Niveau lancéiert. Trotzdeem stellt sech d'Fro, ob mer déi verschidde Klimaschutzmesurë séier genuch ëmgesat kréien.

Net séier genuch? Net sécher. Den Ënnerscheed tëscht eiser Generatioun an där vun eise Kanner, déi no 2010 gebuer goufen, ass deen, datt dës Kanner wéineg bis keng klimaschiedlech Gewunnechte méi wäerten hunn. Meng Meedercher benotzen zum Beispill Bidonen amplaz plastiks Waasserfläschen an trennen hiren Offall. Hu mir dat an hirem Alter gemaach?

Ech denke si hunn hir eege Visioun vun der energeetescher Transitioun an natierlech ass et noutwenneg, datt si sech och déi aktuell Ëmweltproblemer bewosst maache mussen. Et schéngt mir awer wichteg, si ëm hir Meenung zu der energeetescher Transitioun ze froen, respektiv hir Léisungsvirschléi ëmzesetzen. Sécherlech kann ee waarde bis vu Regierungssäit Léisungen ëmgesat ginn, mee firwat net schonns dovirdrun um lokalen Niveau agéieren?

Wéi wier et beispillsweis mat engem Responsabele fir Nohalteg Entwécklung an all Schoulklass oder engem Kannergemengerot? Wat mengt Dir ? Wat denken Är Kanner?

Als Member vum Elterekommitee a vum Klimateam vun der Gemeng Leideleng interesséiert mech Är Meenung. Schéckt mir eng E-Mail op sandrinepompidou@hotmail.com oder schwätzt mech einfach direkt un.

*** D'Sandrine Pompidou, 41 Joer, wunnt zu Leideleng an ass Mamm vun zwee Kanner. Si ass Elterevertriederin a Member vum Klimateam. No hiren Droitsetüden huet si en Executive MBA op der HEC Paräis gemaach. D'Sandrine hat verschidde Fonctiounen an Etude-d'avocaten a bei Firmen aus dem Finanzsecteur. Haut schafft si als Managerin bei enger grousser Lëtzebuerger Bank.**

## 🇫🇷 Préparer nos enfants aux défis de la transition énergétique

### de Sandrine Pompidou*

En tant que citoyenne mais aussi parent, je suis de plus en plus attentive aux enjeux de la transition écologique. Force est de constater que les incidences du changement climatique sont de plus en plus visibles au sein même de notre Commune : prolifération des chenilles processionnaires, inondations à répétition, sécheresse…

Sensibiliser mes enfants à l'écologie et leur impact environnemental dans la bienveillance et la nuance, sans alarmisme et fatalisme fait partie de mes préoccupations. Beaucoup d'initiatives pédagogiques, campagnes d'information et d'actions concrètes sont déjà engagées au niveau européen, national et local. La question que je me pose néanmoins est de savoir si nous allons assez vite.

Pas assez vite ? Pas sûr. La différence entre nous, adultes, et la génération d'enfants nés après 2010 est que ces enfants ne se seront pas habitués à autant de pratiques contraires au développement durable. Mes filles utilisent par exemple des gourdes à la place de bouteilles en plastique, trient les déchets… le faisions-nous à leur âge ?

Je pense qu'ils ont leur propre vision de la question et qu'ils ont aussi besoin de s'approprier les problématiques écologiques actuelles. Leur demander leur avis sur les questions de transition climatique ou encore mettre en place leurs solutions me semble essentiel. Bien évidemment, nous pourrions attendre que les choses se mettent en place au niveau des gouvernements mais pourquoi ne pas déjà agir au niveau local ?

Un chargé de développement durable par classe au sein de l'école fondamentale ou un conseil communal des enfants ? Qu'en pensez-vous ? Qu'en pensent les enfants ?

En tant que représentante des parents d'élèves et membre du Team Climat de la Commune de Leudelange, n'hésitez pas à me donner votre avis. Contactez-moi par email sandrinepompidou@hotmail.com ou parlez en moi de vive-voix.

*** Sandrine Pompidou, 41 ans, habite Leudelange et est mère de deux enfants. Elle est représentante des parents d'élèves et membre du Team Climat au sein de la Commune. Sandrine s'est établie au Grand-Duché en 2005. Titulaire de diplômes de droit français et luxembourgeois puis d'un Executive MBA HEC Paris, elle a occupé plusieurs fonctions en cabinet d'avocats et auprès de sociétés du secteur financier. Sandrine est aujourd'hui manager auprès d'une grande banque luxembourgeoise.**

